

# KOMPASS

## 22/23

- » Invitatioun fir de Kongress/Chefdag 2023
- » Finanzrapport
- » Aktivitéitesrapport

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

lgs.lu

# Inhalt


Virwuert ..... 3

Invitatioun op de Kongress a Chefdag 2023 ..... 4

Verbandskongress 2023 ..... 6

Chefdag 2023 ..... 7

**Aktivitéitsrapport vum Verband** ..... 8

- Verbandscomité ..... 9
- Formatiounsekipp ..... 11
- Programmekipp ..... 12
- Ekipp Native Village ..... 13
- Ekipp Animatioun Spirituell ..... 15
- International Ekipp ..... 17
- PR Ekipp ..... 21
- Biber Ekipp ..... 22
- Wëllefchers-Ekipp ..... 24
- Avex Ekipp ..... 26
- CaraPio Ekipp ..... 28
- RaRo Ekipp ..... 30
- Gruppenekipp ..... 32

Aarbechtsgruppen ..... 33

- AG Safe from Harm ..... 33
- AG Nohaltegkeet ..... 34
- AG Diversitéit ..... 35
- AG Statuten ..... 35

**Finanzrapport** ..... 36

- De Bilan 2022 ..... 36
- De Budget 2024 ..... 37
- BILAN au 31.12.2021 et au 31.12.2022 ..... 38
- Comptes de profits et pertes au 31.12.2021 et au 31.12.2022 ..... 39
- Budget 2024 ..... 41

# Virwuert





**Marc WEIS an Angélique KRIER**
Commissaires généraux

Dat vergaangent Guiden- a Scoutsjoer war bei de Lëtzebuerger Guiden a Scouten esou richteg eng lass. Niewent deene villen nationalen Evenementer hunn eis Gruppen sech dru ginn, fir flott an ofwiesslungsräich Aktivitéiten unzebidden. Et hat een d'Impressioun, dass no der Pandemie jiddereen erëm esou richteg Loscht hat lasszeleeën.

Vill Aktivitéiten heescht awer och, vill Stonne Virbereedung a Presenz vun eisen Cheftainen a Chef, Mataarbechter an Equipememberen. All dës Leit engagéieren sech benevole, fir de Kanner a Jugendleche flott an ofwiesslungsräich Aktivitéiten unzebidden. Alles dat ass net selbstverständlech an et kann een iech all net genuch MERCI soen. Kanner ze begleeden op hirem Wee zum Erwuesse ginn, ass eng wichteg Missioun.

D'Formatioune konnten erëm normal oflafen, mat de STIPen integral an de Branchen. Eng nei Form, déi mir getest hunn a wou de Bilan ganz positiv ausgefall ass. D'Formatiounsportal ass weider entwéckelt ginn an och wann nach muss dru geschafft ginn, well nach net alles esou funktionéiert ewéi et soll, si mir awer um richtege Wee.

Eis national Aktivitéite waren all gutt besicht a mir si frou, dass de Programm dee mir ubidden e groussen Uklang bei eise Gruppe fënnt. Bal iwwerall hunn sech méi Guiden a Scouten ugemellt wéi erwaart. Dës Tendenz bestätegt eis, dass eis Gruppe frou si vun dëser Offer kënnen ze profitéieren an dass de Verbandsgrupp gefuerdert ass fir e gudde Programm unzebidden.

Duerfir si mir frou, dass mir kënnen op d'ASBL an d'Fondatioun zielen. Si leeschten eng wäertvoll Aarbecht an ënnerstëtzen de Verband, wou si nëmme kënnen. Hoffentlech kënnen dann och am Hierscht déi éischt Firmaen engagéiert ginn, fir d'Renovatiounsaarbechte vun der Géisserei. Mir sinn zouversiichtlech, dass dëse Projet elo endlech ka realiséiert ginn. Fir d'Finanzement vum neien Daach vum Keltenhaus ginn d'Pisten och ëmmer méi konkret an och hei hoffe mir, dass et elo weidergeet.

Nom ZAM d'lescht Joer, stoungen dann dëse Summer direkt zwee national Campen um Programm, den NANOQ, nationale Bibercamp um Sennengerbierg an den TERRAVIVA, nationalen Avexcamp zu Ettelbréck. 2 grouss Campenger gläichzäiteg ofzehalen, ass eng echt Erausfuerderung fir all eis Benevollen an och e grousse Verband wéi d'Lëtzebuerger Guiden a Scoute stéisst hei un hir Grenzen. Duerfir e grousse Merci u jiddereen, dee bei der Organisatioun an dem Ëmsetze vun de Campen bäigedroen huet. Mee och op villen anere Plazen heiheem an am Ausland hu weider flott Campenger stattfonnt. Och heifir en décke MERCI un all eis Cheftainen a Chef, déi dat erméiglecht hunn.

# Invitatioun op de Kongress a Chefdag 2023

Léif Cheftainen a Chef,

De Grupp Robert Schuman freet sech iech op de Kongress a Chefdag um Kiem alueden ze kënnen.
Vill vun iech froen sech sécher: de Kiem? Ween ass dat? A wou ass dat?
Onse Grupp heescht Robert Schuman an ass am Quartier Kiem an der Stad Lëtzebuerg verwuerzelt.
Et huet alles ugefaange wéi beim Asterix. De Plateau Kirchbierg huet viru Joren haaptsächlech aus zwee grousse Quartiere bestanen. Den Europa-Quartier bei der rouder Bréck – dofir och Robert Schuman als Uleenung un Europa, an da wäit ofgeleeën d'Siidlung – den Domaine du Kiem - bei den Ausstellungshalen.




Wéi e klengt isoléiert Duerf ware mir wäit ewech vun der Stad un de Bord vun der Agglomeratioun bruecht ginn. Hei waren "die billige Wohungen", wou eng Mëttelschicht vu Lëtzebuerg eng nei Heemecht fonnt hunn.
De Kiem - déi al Réimer Strooss - ass net wäit ewech verlaf an huet Reims mat Tréier verbonnen. De Kiem trennt awer och. Am Parc Central fënnt een nach d'Spuere vun dësem Wee.
Déi eenzel Deeler vum Kierchbierger Plateau sinn duerch d'Avenue Kennedy, an net urbaniséiert Deeler staark getrennt vuneneen. De Quartier Grünewald, an de Weimeschhaff südlech vun der Avenue Kennedy. De Kierchbierg, den Avalon an den Domaine du Kiem nërdlech vun der Avenue.
Mat der Zäit, och deelweis bedéngt duerch d'Schoul, déi d'Kanner vun den eenzele Quartieren zesummebruecht huet, huet sech de Kiem sech zu engem richtegen Unzéiungspunkt entwéckelt.
Den neie gewuessene Quartier hat e grousst Potential u Kanner, vun deenen sech der vill an onsem Grupp erëmfonnt hunn. De Quartier ass awer mat der Zäit méi al ginn an d'Zuel vun de Kanner ass staark zeréck gaangen. Iwwert d'Joren sinn nei Leit an de Quartier komm, mat méi engem internationale Flair. Vill vun de Kanner ginn och net an d'Lëtzebuerger Schoul, esou datt et schwéier ass dës ze paken ze kréien.
No e puer Jore wou mir bal keng Membere méi haten, hu mir ons op ons Originnen zeréckgeruff.
De Robert Schuman, als Initiator vum europäesche Gedanken, huet ons op d'Spuer bruecht, ons méi wéi jee op ze maache fir e multikulturelle Grupp. Onsen Opruff fir Hëllef vun Erwuessenen an Elteren ze kréie fir de Grupp vun de Biber an de Wëllefcher nees opzebauen, ass mat voller Begeeschterung empfaange ginn. Mat Chef aus verschidde Länner aus Europa an doriwwer eraus, louch et op der Hand d'Versammlunge virun allem op Englesch ze halen. Mee och déi aner Sprooche kommen net ze kuerz.
Zanter zwee Joer elo funktionéiert dëse Modell, d'Kanner an d'Chef si begeeschtert, a mir musse mat enger Liste d'Attente fueren, esou grouss ass d'Demande fir Member bei ons ze ginn.
Ons Valeure sinn op dëser Geschicht vum Quartier vum Kierchbierger Plateau opgebaut.
Iwwer Grenzen ewech goen an déi multikulturell Realitéit notze fir d'Kanner a jonke Joren méi no ze brénge fërdert d'Zesummeliewe bei eis am Quartier ganz staark. D'Aktivitéiten an der Natur spille bei ons do eng ganz wichteg Roll. Mat guddem Wëllen a vill benevollem Asaz hu mir et färdeg bruecht wéi den Asterix iwwert d'Joren onse Grupp ze verdeedegen an ze stäerken.

Mir wënschen iech e flotte Kongress a Chefdag bei eis um Kiem.


*Am Numm vum Kiemer Grupp*
*Jos Dell, Gruppechef*

# Alle Wege führen nach KIEM




## Adress

1A, rue Anne Beffort L-1273 Luxembourg




## Ëffentlechen Transport

**Vëlo:** bis virun d'Dir + Vel'oh Statioun BVD Pierre Frieden
**Bus:** Arrêt Kirchberg, Léon Thyes RTL (5 Min. ze fouss). Alternativ Luxexpo Bus Gare (10-15 Min. ze fouss)
**Zuch:** (Gare Pafendall) -> Bus 18 bis Léon Thyes (5 Minutten ze fouss) oder

**Tram:** bis Alphonse Weicker an dann ze fouss (10-15 Min.)

## Parking

P&R Adenauer (10 Min. ze fouss)
Luxexpo The Box Parking SUD (10 Min. ze fouss)
Luxexpo Parking (15 Min. ze fouss)

# Verbandskongress 2023

De Verbandskongress fënnt e Samschdeg de **23. Sept.** um Kiem an der Sportshal an der Stad statt.

Adress: 1A, rue Anne Beffort L-1276 Luxembourg

D'Aschreiweung ass vu 16 Auer un op, de Programm fänkt 17 Auer un. Virum Kongress sinn Diskussiounsronnen, Workshoppe geplangt, wou déi aktuellst Themae behandelt ginn, ënner anerem:

- Walrecht ab 16 Joer?
- Finanzen
- Ënnerstëtzung vum Benevolat
- Gewaltfilm- Not sharing is Caring. Wat kënnen d'LGS maachen?
- Wat ass de Verbandsrot?

Wann een um Kongress net deelhuele kann, kann engem anere Chef/taine seng ***Prokuratioun*** ginn. Mat der Prokuratioun kann een den uerdentleche Programm vum Kongress mat ofstëmmen, mee d'Satutenännerung net.

**UMELDUNG:** d'Umeldung fir de Kongress a Chefdag ass individuell, dat heescht: all Chef/taine muss sech selwer umellen. D'Umeldung geet iwwer den Online-Formulaire: *Umeldung Kongress/Chefdag*

Fir den Owend ass fir d'lessen an Drénke gesuergt!

***Mir hoffen, dech um Kongress begréissen ze däerfen!***

!!

### WALE VUM VERBANDSROT

Um Kongress gëtt de Verbandsrot fir 3 Joer nei gewielt. Dëse Gremium besteet aus 3 ernannte Gruppecheffen an 2 ernannte Cheffe pro Branche.
**De Verbandsrot si stellvertriedend fir all d'Cheftainen a Cheffen an** trëfft sech op d'mannst 3 Mol am Joer mam Team fir iwwert déi Themaen, déi uleien informéiert ze ginn, matzeschwätzen an Impulser ze ginn. Grouss Ännerungen déi ugeduecht sinn, Reglement déi mussen ugepasst ginn, ginn hei zesumme mam Team beschwat.

Wann s du Loscht hues a motivéiert bass, hei matzeschaffen, da mell dech bei dengem Branchecommissaire bis spéitstens um Kongress.

## Ordre du jour

1. Begréissung duerch dat „aalt" Team
2. Bestëmme vum Kongresspresident
3. Opmaache vum Kongress, Consignen
4. Bestëmme vun de Stëmmzielerten a Walbüro
5. Gedenkminutt
6. Riede vun den Éieregäscht
7. *Aktivitéitsrapport vum Verband 2022-2023*
   *Presentatioun, Fro an Äntwert, Ofstëmmung*
8. *Finanzrapport 2022*
   *Presentatioun, Fro an Äntwert, Ofstëmmung*
9. *Budget a Kotisatioun 2022-2023*
   *Presentatioun, Fro an Äntwert, Ofstëmmung*
10. **Wale vum Team**
    *Presentatioun vun de Kandidaten, Walen*
11. **Wale vu Vertrieder fir de Verbandsrot**
    *Presentatioun vun de Kandidaten, Walen*
12. Suivi Resolutiounen
13. Open session
14. Auszeechnung, Remerciementen
15. Resultater vun de Wale vun de Vertrieder fir de Verbandsrot
16. Resultater vun de Wale fir d'Team
17. Presentatioun vum Verbandscomité 2023-2024
18. Ausbléck Guiden- a Scoutsjoer 2023-2024
19. Schluss

# KOMMT ALL op de Chefdag 2023

**Léif Cheftainen a Chef,**

De Verbandsgrupp invitéiert dech ganz häerzlech op de Chefdag um Kiem an der Stad bei der Sportshal Sonndeg de **24. September 2023**.

## UMELDUNG

d'Umeldung fir de Kongress a Chefdag ass individuell, dat heescht: all Chef/taine muss sech selwer umellen. D'Umeldung geet iwwer den Online-Formulaire: *Umeldung Kongress/Chefdag*

### Aschreiwung op der Plaz - Checkpoint

Fir de Kongress a Chefdag kriss du ee **Paddel**! Bréng dofir deng **Chefkaart** mat. D'Chefkaart fënns du an der Chefbox an dengem Account ënner Dashboard/meng Chefkaart.
Wann s du kee Smartphone hues, kanns du d'Kaart printen an esou mathuelen.

## PROGRAMM

Vun 10 Auer u leeft zu all voller Stonn eng Hellewull un Atelieren. Déi daueren all Kéier eng gutt Dräivéirelstonn, sou dass duerno eng kleng Paus drann ass an du dech op de Wee fir den nächsten Atelier kanns maachen.

**08h30: Aschreiwen; Kaffee a Croissant (Foulard vum Fischer)**
**09h15: Ufank Chefdag mat Begreissung, Infoen, Animatioun**
**10h00 - 16h00: Brancheversammlungen a Workshoppen**
Bei all Tour ginn ënnerschiddlech Atelieren ugebueden. Jee no Workshop kënnen 10 bis 20 Leit deelhuelen.

Kuerz virum Chefdag kriss du de geneeën Horaire a kanns dir däi Menu du Jour da méi genee zesummesetzen.Du muss dech net fir d'Atelieren umellen. Et besteet awer d'Méiglechkeet sech eng Plaz zu engem gewësse Moment an engem bestëmmte Workshop ze réservéieren: einfach um Chefdag selwer sech um Stand fir eng gewëssen Auerzäit aschreiwen.

Bei der Entrée hänke mir e QR Code fir de Plang mat de Plazen vun de Workshopen an den Zäit-Planning op.
Um LGS-Site fënns du d'Lëscht mat den Atelieren, déi um Chefdag ugebuede ginn.

## CATERING

De Kiemer Grupp këmmeren sech ëm de Grillstand, ausserdeem sinn 2 Food Trucken op der Plaz mat äthiopesche Spezialitéiten (och vegetaresch Platen) a Fish and Chips & Co.

Mir bieden dech, bei der Umeldung unzeginn, ob s du um Chefdag wëlls matiessen an och am Formulaire dobäischreiwen, wann s du eng Allergie hues oder Vegetarier/Veganer bass.

D'Iessen gëtt op der Plaz bezuelt, muss net am Viraus iwwerwise ginn.



Bréng e **Campingstull / Hocker / Klappstull** mat, fir dass mir net bei all Atelier Bänken brauchen opzeriichten.



# Aktivitéitsrapport vum Verband 2022-2023

# Verbandscomité

Wéi och schonn déi lescht zwee Jore bleift et d'Prioritéit vum Comité eis Gruppen esou gutt wéi méiglech z'ënnerstëtzen, dass si eng gutt Aarbecht mat hire Guiden a Scoute maache kënnen.

Mam **Kongress a Chefdag** si mir an dat neit Guide-Scoutsjoer gestart. Mir konnte feststellen, dass méi Cheftainen a Cheffe wéi d'Joer virdrun de Wee op Ettelbréck fonnt haten. Virun allem ware mir frou ze gesinn, dass ëmmer méi Jonker um Kongress present sinn an och un de Workshoppen an Diskussiounsronnen deelhuelen. Dës Tendenz geet an déi richteg Richtung.



De Comité huet sech da mat de Resolutioune vum Kongress beschäftegt. Den Aarbechtsgrupp Diversitéit ass an d'Liewe geruff ginn an huet ugefaange mam Schaffen. Och **d'ASBL-Statute fir d'Gruppe** si fäerdeg gestallt ginn an déi néideg Informatioune si per Newsletter annoncéiert a weidergeleet ginn. Ausserdeem konnten d'Gruppechef sech op enger Rencontre mat dem Theema ausernee setzen.



Och eis aner Aarbechtsgruppen hu fläisseg weidergeschafft. Den **Aarbechtsgrupp Wuesstem** mécht weiderhi konkret Propositiounen, déi an alle Beräicher vun der Verbandsaarbecht wäerten afléissen an den **Aarbechtsgrupp Nohaltegkeet** huet seng fest Plaz bei all eisen Aktivitéiten.

Nodeems mir um leschte Kongress d'**Safe From Harm Policy** gestëmmt haten, huet dëse Grupp um Kader geschafft fir d'Theema vum Wuelbefanne vun eise Membere weider un eis Gruppen a Verbandsekippen eranzedroen. Reegelméisseg tausche mir eis mat WOSM aus an eise SFH-Programm ass och eng éischte Kéier evaluéiert ginn. Mir kënne ganz zefridde mam Resultat sinn.

SAFE FROM HARM

Och en neien Aarbechtsgrupp huet lassgeluecht. Den **Aarbechtsgrupp Archiven** a Recherche hunn sech der wichteger Aufgab ugeholl, Uerdnung an eist Archivematerial ze bréngen, et ze komplettéieren, accessibel ze maachen an opzeschaffen. Op eng professionell Aart a Weis, mat professionellem Support gëtt hei eng konsequent Aarbecht geleescht, déi nach esoubal net ofgeschloss ass. Et ass een Engagement iwwert déi nächst puer Joren.

Eise **Grupp Scouts for refugees** bitt weiderhin a reegelméissegen Ofstänn Aktivitéiten un. Dës si lo net méi an den Opfangstrukture selwer mee bei eis an der Géisserei. Esou kënnen och Familen deelhuelen, déi op anere Plaze logéiert sinn. Eng nei Konventioun mat der Croix-Rouge ass fir e weidert Joer ënnerschriwwe ginn.



Den Optrag un **d'Formatiounsekipp** fir d'Konzept z'iwwerdenken huet mat de STIPen éischt Ännerunge mat sech bruecht. D'Formatiounsapp funktionéiert, Aktivitéite kënnen direkt gescannt ginn an et behält een en besseren

Iwwerbléck. D'Aarbechten un der App an um Formatiounsportal gi weider fir se nach méi performant a feelerfräi ze maachen.

Am Kader vum **Scouting in Luxembourg** ass dëst Joer mat der Tour Malakoff en neie Siège ageweit ginn. Dëse klenge Chalet a Clausen ka vu FNEL an LGS-Gruppe fir hir CaraPio, RaRo a Chef-Aktivitéite reservéiert ginn. Desweideren ass de WSJ a Südkorea virbereet an d'DSK organiséiert ginn. Et war och hei ee Joer, wou vill geschafft ginn ass.



Schlussendlech hunn eis **Educateure vum SAFAB** eng ganz Rei Aktivitéiten ugebueden, déi erëm vill Uklang fonnt hunn. De Simply Scouting, dee wärend der Pandemie entstane war, ass wéinst der Demandë vun de Gruppen weiderhin ugebuede ginn. Och Workshoppen am Beräich vun der Participatioun hunn hir Friichte gedroen, mat hei an do e Minigrupperot, deen entstanen ass. Aner Offere wéi de "Fit fir de Summercamp" oder de gemeinsame Wëllefcherscamp hate Succès a ware fir déi jonk Cheftainen a Cheffen eng wichteg Hëllef.



Wann d'Unzuel vun den Aktivitéiten eropgeet, geet natierlech och den Aarbechtsopwand vun eisem administrative Personal an der **Géisserei** erop, dat sech huet missten deelweis anescht organiséieren, fir den Uspréch gerecht ze ginn.

Dat vergaangent Guiden- a Scoutsjoer, hu mir bewisen, dass mir eist Engagement eescht huelen an net zécken, nei Weeër ze goen, fir den Ufuerderunge vun de Jonken an der Gesellschaft gerecht ze ginn.


***Merci jidderengem, deen dëse Wee matgaangen ass.***



Thinking Day 2023

# Formatiounsekipp

Am leschte Jar goufe Branche STIP'en, Methodendeeg an eng Gruppechefformatioun ofgehale bei deene ronn 200 zukünfteg an aktiv Chef deelgeholl hunn. Et goufen och Formatiounen déi a Kooperatioun mat externe Partneren ofgehale goufen. Lo wou dëst Mandat op en Enn geet, gëtt et och Zäit fir am Bilan op déi lescht 3 Jar zréck ze kucken. Eent vun den Haaptziler war et fir de Cheffen den Accès zu de Formatiounen ze vereinfachen an d'Verständnis ze verbesseren. Nieft dem Ofhale vun de regulären Zyklus-Formartioune STIP, PS, STAP goufen et deemno 2 Projeten:




## 1. Iwwerschaffe vum Zyklus 1

D'Sessioune vun de Formatioune goufen ënnert de Branchen harmoniséiert an et ass opgepasst ginn, datt all d'Theemaen an all Branchen ugeschwat gëtt. Aus där Iwwerleeung ass dunn de Versuch gestart ginn, den Tronc Commun erëm vun de Branchenekippe selwer gehale soll ginn. Wéi vill Varianten huet dës hir Vir- an Nodeeler. D'Reglementer goufen iwwerschafft, verbessert a vereinfacht, fir datt de Chef gutt virbereet ass a sech op seng Chefroll konzentréiere kann ouni an administrativen Demarchen z'ënnergoen.


## 2. Formatiounsportal & App

D'Basisversioun vum Formatiounsportal ass aus enger Gilwellsaarbecht entstanen a gouf permanent weider entwéckelt. D'Formatiounsportal erméiglecht et fir Formatiounen online ze setzen an d'Kandidaten sech umelle kënnen an d'Iwwersiicht behalen. Heiriwwer gëtt d'Gestioun vun den Umeldungen, de Presenzen, dem Bezuelen a villem méi ofgewéckelt. D'Kandidaten an d'Formateure ginn z.b. per E-Mail iwwer Un- an Ofmeldungen informéiert an de Kandidat gëtt iwwert all Schratt informéiert. Sou goufe bis elo iwwer 12000 Maile verschéckt.

Et gouf no engem Tool gesicht mat deem d'Opschreiwen an d'Umellen op Formatiounen a Verbandsaktivitéite vereinfacht sollt kënne ginn. Doraus ass dunn d'Chefapp entstanen. Wéi mer et aus Coronazäite kennen, kann een elo bei der Umeldung seng Chefkaart an der App virweisen a soubal ee gescannt gëtt d'Presenz direkt agedroen an och direkt ee Paddel gutt geschriwwen.

Sou erspuere mer dem Chef an awer och dem Sekretariat vill Pabeierkrom an Zäit.

Un der App an um Portal gëtt fläisseg weider geschafft an dir kënnt iech schonn op weider Funktioune freeën.



# Programmekipp

## Mot d'ordre
Am September huet dat lescht Joer vum Mot d'ordre ugefaang. KOMM MAT sollt 3 Joer laang d'Opfuederung sinn, Neies ze entdecken, Bekanntes aus engem anere Bléckwénkel ze betruechten a bei all deem vill Spaass zesummen ze hunn.

## Aktivitéitsbox
Iwwert d'ganzt Joer gouf d'Aktivitéitsbox mat flotten Iddie fir d'Chef gefëllt. D'Aktivitéitsbox soll eng flott Austauschméiglechkeet sinn an der d'Chef ëmmer mol rëm nees Neies entdecken an der se awer och hier eegen Iddien mat aneren deelen kennen. Ëmmer rëm gëtt probéiert des Aktivitéitsbox mat Iddien zu de néie Methode ze fëllen.

## Chefdag
De Chefdag hu mir eng zweete Kéier zu Ettelbréck verbruecht. 400 Guiden a Scouten konnten an enger klenger Zeltstad en Dag zesumme verbrenge fir néi Iddi ze sammelen an sech nom Summer rëmzegesi a nom lëschte Patt beim Stand vun den Ettelbrécker Frënn si vill zefridde Chef heem gaang.

## Thinking Day
De 4. Mäerz waren all Kanner a Jonker vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten op Miersch invitéiert fir de Thinking Day zesummen ze feieren. 370 Jonker an 120 Chef sinn der Invitatioun nokomm an hunn e flotten Dag am Mierscher Park verbruecht. An engem grousse Geländespill hunn all déi Jonk landesiwwergräifend probéiert Liewe fir bedrohten Déierenaarten ze sammelen an a ganz verschiddenen Atelieren goufen altersspezifesch Aktivitéiten zum Thema „Our World Our Peaceful Future, The Environment & Peace" proposeiert.


Thinking Day 2023

# Ekipp Native Village

**2022/2023**
hate mir eng 14 verschidde Versammlungen (Topstaff, Programm, Infra,... vun der Ekipp Native Village fir Saison ze plangen

**8.10.2022**
Pilzseminar um Neihaischen fir Chef/taine,Albatrossen,... Ënner der Leedung vum Christophe Postler hunn eng 12 Leit um Pilzseminar deelgeholl.

**4. – 5.11.2022**
Wëldiessen am Keltenhaus.
Och dëst Joer huet d'Ekipp Native Village erëm hiert traditionellt Wëldiessen am Keltenhaus organiséiert. Eng ronn 180 Gäscht hunn e flotten Owend mat Wëldspezialitéite verbruecht.



**05.03.2023**
Native Village goes Simply ScOUTing
An Zesummenaarbecht mam SAFAB hu mir un der Simply ScOUTing Aktivitéit am Ellergronn matgeschafft. 55 Wëllefcher vu Kayl, Bieles-Zolwer a Schëffleng hunn de Bësch ronderëm den Naturzenter Ellergronn spilleresch entdeckt.



**11.03.2023**
Ofschlossiesse vun der Däitschsprochеger Scouts-konferenz am Keltenhaus
D'Ekipp Native Village huet fir déi ronn 80 Participante vun der DSK a flotten Owend mat Iessen am Keltenhaus organiséiert.



**05.–07.04.2023**
Working Camp um Site Native Village
De Working Camp an der Ouschtervakanz ass e festen a wichtegen Datum ginn an onsem Joreskalenner. Et ass e wichtege RDV fir eis, wou mer kleng a gréisser Entretien-saarbechten am Keltenhaus an um Site maachen. Hei e kuerzen Iwwerbléck iwwer d'Aarbechten, déi realiséiert goufen: Keltenhaus raumen, Kuelen hierstellen, Brennholz schneiden, Preparatioune Fort Terraviva...



**07.04.2023**
Whisky & Sound zu Gonschte vum Télévie am Keltenhaus
Ronn 2.000€ goufe wärend engem flotte Whiskytasting mat Live Musek mat de Rambling Rovers fir de gudden Zweck gesammelt.



## Mee a Juni 2023

Schaffdeeg

Wärend a puer Schaffjournéeë goufe verschidden Aarbechten an a ronderëm d'Keltenhaus gemaach ewéi : Meeaarbechte ronderëm Keltenhaus, Holz fir d'Saison preparéiert a Holzaarbechte fir de Fort Terraviva um nationalen Avex Camp.

## 27. – 28.05.2023

Simply ScOUTing „ Fit fir de Summercamp"

Wärend dem Péngschtweekend konnten Avex vu Schëffleng sech a praktesche Workshoppe wéi Zelter opriichten, Kichekonstruktioun, Out-Door Kichen an 1.Hëllef op de Summercamp virbereeden.



## 17.-27. Juli

Ekipp Native Village goes to Terraviva

Fir den nationalen Avex Camp Terraviva huet d'Ekipp gehollef dat grousst Escape Spill Fort Terraviva ze plangen an ze realiséieren. Bei dësem Spill hunn déi Jonk flott a spannend Abenteuer, Aufgaben a Rätsel gemeeschtert.



## Pädagogesch Koffren fir LGS Gruppen

Vu September 2022 bis Ufank Juli 2023 goufen 82 mol pedagogesch Koffer ausgeléint. Op den zwee nationale Campe waren och vill Kofferen am Asaz. Besonnesch Escape Spill, Feiertechniken, Holzschnëtzen, Mat Naturmaterialie bastelen, Zirkus oder Teambuildingspiller ware vill gefrot.



Simply ScOUTing Ellergronn

# Ekipp Animatioun Spirituell

## Friddensliicht

Am Schenger Lycée zu Perl (D) hu mer bei der regionaler Friddensliichtfeier gehollef déi vun däitsche, franséischen an de Lëtzebuerger Guiden a Scouten zesummen ugebuede ginn ass. Et si vill Käerzen un an dono och vun LGS-Gruppe verdeelt ginn.







## Formatiounen

Dëst Joer waren 3 PS-Formatiounen.
Op den 2 PS-Weekender hu mer probéiert de Leit eng Méiglechkeet ze ginn, fir a sech eranzekucken. Ausserdeem hu mer eis mam Guiden- a Scoutsgesetz ausernee gesat a Gedanken iwwer déi Wäerter gemaach, déi an eisem Liewe wichteg sinn.
Als 3. PS-Formatioun hate mir en Nuetstour vu Jonglënster an d'Stad, wou mer an der Natur 3 Atelieren zum Theema vun den 3 Duties, déi eis Guiden a Scoute charakteriséieren, gemaach hunn.

## Weekend zu Orval

Am Trappisteklouschter vun Orval hate mer e rouege Weekend fir Leit aus eisem Verband, déi eng Auszäit wollten, organiséiert.

## Ouschter-Newsletter

Fir Ouschteren hu mer an der Karwoch all Dag Denkimpulser via eis EAS-Newsletter un déi Leit verschéckt, déi sech fir eis Newsletter ugemellt haten.



PS Formatioun

## Sprangpressessioun

Péngschtdënschden waren d'LGS zu Iechternach op der Sprangpressessioun mat enger LGS-Musiksgrupp an enger LGS-Spréngergrupp. Nom Sprangen hunn eng ettlech Sprénger a Musikante sech beim Grillen, dat vun den Iechternacher LGS organiséiert gouf, begéint.



## Gedenkfeier

Um Neihaischen hu mer eist Guiden- a Scoutsjoer mat enger besënnlecher Gedenkfeier fir eis verstuewe Guiden- a Scoutsfrënn ofgeschloss.

## Spiri fir Kids

Dëse Grupp besteet aus 13 Familllen – 31 Kanner an 28 Erwuessenen. Mir haten an dësem Guiden- a Scoutsjoer 6 Treffen, wou mir zesummen en Dag an der Natur ronderëm e Bibeltext erlieft hunn. Mir hunn un der Sprangpressessioun deelgeholl waren an der Biber/Wëllefandacht dobäi. Vum 05.-07. Mee hate mir e verlängerte Weekend am Trappisteklouschter zu Orval. Christihimmelfahrt hu 5 Kanner am Kader vu Spiri fir Kids um Neihaischen hir éischt Kommunioun gefeiert.



## Merci Michèle

D'Michèle Hilger, wat laang Zäit bei eis an der EAS als Permanent gehollef huet, ass Enn 2022 a seng wuelverdéngte Pensioun gaangen. Mir soen him e grousse Merci fir alles wat hat fir eise Verband geschafft huet.
Mir si frou, datt d'Michèle weider bei de Spiri fir Kids hëlleft.



Spiri fir Kids

# International Ekipp

**Herfstontmoeting - Scouts en Gidsen Vlaanderen - 26-28/08/22**
Zwee Membere vun der I-Ekipp, waren op Invitatioun vum flamännesche Guiden- a Scoutsverband op den Herfstontmoeting an der Belsch. Dëse Weekend fënnt all Joer statt an ass vergläichbar mat eisem Chefdag. Hei hate si d'Méiglechkeet ze gesinn, wéi en anere Verband d'Scoutsjoer ufänkt a gläichzäiteg war et och eng Méiglechkeet fir eis, fir de flamännesche Guiden a Scouten an d'LGS méi no ze bréngen.




**LGS STAP Formatioun - Bilschdrëf - 28/08/22**
D'I-Ekipp war een Owend zu Bilschdref um STAP, fir de Kandidaten eng Formatioun am Beräich Internationales unzebidden. Dono, hu mir nach zesumme mat der Gruppenekipp e flotte Quizowend organiséiert, dee bei all Mënsch op der Plaz gutt ukomm ass.

**LGS Kongress a Chefdag - Ettelbruck - 24-25/09/22**
D'Ekipp war an der Däichhal zu Ettelbréck gutt vertrueden. Mir haten um Kongress eng Diskussiounsronn iwwert d'Theema Diversitéit an hunn dono och eng Resolutioun eragereecht fir ze kucken, wéi mir eise Verband méi divers an inklusiv maache kënnen. Déi Resolutioun gouf dann och vum Kongress guttgeheescht.



Um Chefdag hate mir  och e Stand op dem mer d'Aarbecht vun der Internationaler Ekipp presentéiert hunn. Ausserdeem hu mer Atelieren ugebueden, déi de Cheffe méi no bréngе sollten, wéi d'Weltverbänn WOSM a WAGGGS fonctionnéieren.

**International Day vu Les Scouts - Belgium - 16/10/22**
De Max Ternes huet eise Verband zu Courrière (Belsch) vertrueden, fir Reklamm fir eis Scouts-Zenteren ze maachen.

**JOTA & JOTI - World – 15-17/10/22**
Dëse Weekend hunn eng 2 Millioune Scouten aus 171 Länner um „Jamboree On The Air" an um „Jamboree On The Internet" (JOTA-JOTI) deelgeholl, dëst ass dat gréissten Event vu WOSM. Dës Kéier hate mir och nees d'grouss Freed den europäesche Siège vum JOTA ze hosten, bei der FNEL um Fetschenhaff.

**WOSM Comunications Forum - Austria – 26-30/10/22**
Eis PR (Public Relations) Commissairen, Max a Basile, waren de Weekend um European Communications Forum. Si haten e super Event vun dem si mat ville neien Iddien an Tools zréckkomm sinn, fir eise Verband a punkto Kommunikatioun nach weider ze verbesseren.



**CNE Mercado Internacional - Porto – 04-06/11/22**
Den Bruno huet d'LGS a Portugal vertrueden bei engem nationalen Event, genannt "Marché International"  vum portugiesesche Scoutsverband CNE. Do huet hien d'Konzept vun eisen "Odyssee-Projeten" fir d'Roverbranche presentéiert am Kader vum Scout of the World Award.



**LGS International Ekipp Weekend - Réiser – 10-11/12/22**
Do hu mir eis fréier International Commissairen de Claude Frantzen a d'Nicole Bausch invitéiert fir hinne fir déi vill Zäit an Aarbecht, déi si iwwer d'Joren an eise Verband an an d'I-Ekipp gestach hunn, Merci ze soen. Ausserdeem war dëst eng Méiglechkeet fir weider un eise Projeten ze schaffen. Sou hu mir zum Beispill hei eng Formatioun am Beräich Internationales ausgeschafft an eise Programm vum Joer weider preparéiert.



**Friddensliicht International Zeremonie - Perl – 10-11/12/22**
Eis zwee International Comissairen, d'Jennifer an de Bruno, waren dobäi, fir dës méi speziell Editioun vum Event. Dës Kéier mat méi internationale Participanten aus Frankräich, der Belsch an aus Däitschland.



**52. DSK - Luxembourg – 17-19/6/23**
D'Theema vun dëser 52. däitschsproocheger Konferenz war „Ëmmer bereet". Dëst Joer huet déi alljärlech DSK, d'Scoutskonferenz vun den däitschsproochege Länner an Europa, zu Lëtzebuerg stattfonnt!
Et war eng groussaarteg Konferenz mat enger ganzer Rei vu flotten Aktivitéiten!



Samschdes goufen am FNEL Centre um Fetschenhaff allerhand Workshoppen zu Theemaen, wéi d'Urspréng an déi vill verschidden Auswierkunge vum Klimawandel, To be or not to BP?, dem World Scout Jamboree 2023 a Südkorea an nach méi ugebueden. Mat eise Scoutskolleegen aus dem Ausland si mir dunn, ënner anerem, op Visitten an der Chambre des Députés an eisem europäesche Geriichtshaff gaangen an hunn och en Rallye queesch duerch d'Stad gemaach! Dono hate mir en feierlecht Iessen am Keltenhaus, mat engem immens leckerem a villfältegem Menü vun eiser Native-Village Ekipp, déi ons e super Owend op d'Been gestallt hunn!
Sonndes ass ons Konferenz dunn no engem klengem Recap vun all Verband mat midden, mee froue Gesiichter op en Enn gaangen.

**Inauguration Tour Malakoff - Luxembourg – 29/03/23**
Mir haten déi grouss Freed d'Tour Malakoff als offizielle Sëtz vum SiL anzeweien, an dëst ënner anerem a Presenz vun eisem Chef Scout Guillaume



**WSJ2023 Contingent Prepa Weekend – 15-16/04/23**
Iwwer 200 Participanten, Cheffen an IST haten dee Weekend de Wee op Munneref fonnt fir hei u verschiddene Preparatiounsatelieren deelzehuelen. Um Programm stoung d'koreanesch Kultur, 1. Hëllef um Camp, den Oflaf vun engem World Scout Jamboree. De Weekend huet ausserdeem d'Méiglechkeet matbruecht, dass déi 5 Unitéiten, wou eng Mixture aus FNEL an LGS sinn, sech besser ënnertenee konnte kenneléieren. Et gouf och scho fläisseg fir den interkulturellen Dag um Camp geüübt: et goufe Kniddele gekacht an giess.



### IC WAGGGS Meeting - Our Chalet – 15-16/04/23

Enn Abrëll war d'Coline op den IC WAGGGS Meeting zu Adelboden am Our Chalet, engem WAGGGS World Center. Et war eng gutt Geleeënheet fir sech mat aneren Delegéierten aus der Europaregioun zesummen ze treffen, fir sech am Virfeld vun der WAGGGS Weltkonferenz, déi am Juli zu Nicosia (Zypern) wäert stattfannen, auszetauschen.



### IC WOSM Network - Courrière – 05-07/05/23

D'LGS waren am Chateau de Courrière bei Namur um International Commissioners Network Meeting dobäi! Dëse WE war d'Méiglechkeet fir d'ICs WOSM aus der Europaregioun fir sech iwwert déi wichtegst Sujeten auszetauschen, wéi zum Beispill:

- déi nächst Strategy for Scouting, déi d'Strategie vu WOSM an deene kommende Jore bestëmme wäert.
- d'Opléisung vun der Eurasia Region vu WOSM, an d'Challenges, déi domat verbonne sinn.
- Best Practices vun anere Verbänn a puncto Internationalitéit.

De Max huet hei vill interessant Inputte kritt, déi hien zréck op Lëtzebuerg brénge konnt!



### WOSM & WAGGGS Ouverture Diversity Network - Helsinki – 19-21/05/23

De Bruno wor a Finnland (Järvenpää) mat 50 Participanten aus ganz Europa fir den Overture Diversity Network, dee Scouten a Guiden zesummebréngt, déi un Diversitéit, Inclusioun a Gläichheetstheemae schaffen. Wärend dem Weekend hu mir Erfarungen, „best practices" an Initiative gedeelt, a vill vunenee geléiert. Et gi scho vill super Saache fir eise Mouvement, méi oppe fir jiddereen ze maachen!

Mat eiser neier AG Diversitéit vun den LGS hoffe mir, datt et sech an eisem Verband méi Gedanke gemaach ginn iwwert Theemaen, ewéi Diversity, Inclusion an Equity.



### Rencontre de la Francophonie - Brussels – 07-09/07/23

Ufank Juli huet zu Bréissel en éischt Treffe vun der Francophonie stattfonnt. Dës Reunioun huet Membere vun 13 frankophone Länner (Lëtzebuerg, Belsch, Frankräich, Algerien, Tunesien, Marokko, Senegal, Burkina Faso, Niger, Côte d'Ivoire, Burundi, Madagascar, Haiti) aus 4 Regioune vu WOSM zesummebruecht. Zil vun dëser Renconter war et, de Reseau tëscht frankophone Scoutsorganisatiounen ze stäerken.

Fir d'LGS bedeit dëst virun allem, méi enk Bezéiunge mat Länner opzebauen, déi ausserhalb vum europäesche Kontinent leien. Mir begréissen dat a wäerte weider opmierksam d'Entwécklunge suivéieren, fir dass och d'Membere vun den LGS verstäerkt vu Méiglechkeeten am frankophone Raum profitéiere kënnen.



### Groupe de Lisbonne - Lisbon – 14-16/07/23

Den 14-16 Juli waren de Bruno an de Max zu Lissabon fir de „Groupe de Lisbonne". Eng méisproocheg Reunioun mat Vertrieder vun Associatiounen aus Lëtzebuerg, der Belsch, Frankräich, der Schwäiz, Italien, Rumänien, Spuenien a

Portugal. Um Ordre du jour stoung: d'Identitéit an d'Zukunft vun dëser wichteger internationaler Versammlung vun der GDL.



**WAGGGS World Conference - Cyprus - 26-31/07/23**
D'Coline an d'Jennifer hunn d'LGS op der WAGGGS Weltkonferenz op Zypern vertrueden. Dëst ware flott awer och intensiv Deeg voller Diskussiounen, der Wal vun engem neie Weltcomité fir déi nächst 3 Joer, Austausch, Ofstëmmen an internationale Frëndschaften.

**WOSM World Scout Jamboree - Korea - 31/07 - 18/08/23**
Fir insgesamt 249 Lëtzebuerger Guiden a Scoute goung et dëse Summer op den eenzegaartege 25. World Scout Jamboree zu SaeManGeum a Südkorea. Dorënner ware 95 LGS Memberen (54 Participante, 10 Chef, 27 IST an 8 CMT)
Hei hunn sech iwwer 45.000 Jonker zesumme fonnt fir e Scoutscamp, geprägt vu kulturellem Austausch a coolen Aktivitéiten, ze erliewen. No der Anklimatiséirung un déi aussergewéinlech koreanesch Hëtzt, ass du leider d'Meldung vum Taifun „Khanun" komm a 40.000 Leit hu missen an engem Dag relokaliséiert ginn. Hei si mir an de Samsung Training zu Dongnam komm, wou mir als Contigent weider dovu profitéiert hunn, d'koreanesch Kultur kennen ze léieren. Op der Closing Ceremony sinn déi 45.000 Guiden a Scouten nach emol zu Seoul zesumme komm fir mat Gläichaltregen aus der ganzer Welt Dimensioune vum internationale Scoutismus eng leschte Kéier ze erliewen.

Fir 186 Lëtzebuerger Guiden a Scoute goung et duerno nach weider op Norees. Eng Woch laang goung et mat 5 Busser queesch duerch Südkorea. ënner anerem an d'Haaptstad Seoul, op de Mont Seorak an op DMZ un der Nord/Südkoreanescher Grenz.

## Speziell Remerciemente

**DSK 2023 Lëtzebuerg:**
D'Konferenz war e vollen Erfolleg a mir soen eisem ganze Staff aus der FNEL an den LGS a virun allem dem Max Ternes, Pit Schwartz, dem Leini Vaessen an dem Lena Hartz en risege Merci fir d'Organisatioun!

**WSJ2023 Korea:**
Eng grouss Partie vun eiser Internationaler Ekipp war och direkt involvéiert an der Organisatioun vum Lëtzebuerger Contingent an esou verantwortlech fir d'gutt Plange vun dësen eemolegen Event. De Pit Demuth als Head of Contingent an och Jennifer Adami, Leini Vaessen a Charel Donven als Member vum CMT. Hinne soe mir e grousse Merci fir all hir Aarbecht, déi se geleescht hunn iwwert déi vill intensiv Méint.

**Aarbeschtsgruppen Nohaltegkeet an Diversitéit:**
Eis zwee IC, Jennifer a Bruno, waren iwwert d'Joer staark engagéiert an deenen neien Aarbechtsgruppen. Mir soen hinne och do Merci fir hir Disponibilitéit an hire wichtegen Input.

**Neien Internationale Kommissär:**
Ee ganz grousse Merci un de Bruno Martins, deen no 6 Joer als IC WOSM a Member vum Verbandscomité decidéiert huet opzehalen. De Bruno hat e groussen Impakt an eiser Internationaler Ekipp an am Verband. Hien huet d'Vue vun den LGS wat d'Aarbecht an d'Visioune vu WOSM ugeet gepräägt an huet bei villen internationale Konferenzen d'Interêten an d'Prioritéite vun den LGS, respektiv vum SIL vertrueden. D'Relève hëlt de Max Ternes a mir wënschen him immens vill Succès a Spaass.

*Mat de beschte Guiden- a Scoutsgréiss*
*D'International-Ekipp*



# PR Ekipp

**Als PR-Ekipp hu mir wéi all Joer d'Verbandsekippen a lokal Gruppe bei hiren Aktivitéiten ënnerstetzt.**

Eng Demande vun de Verbandsekippe war et, en eenheetlecht Optrieden no baussen ze erméiglechen, och wann et mol kal oder naass ass, a mir eis Guiden- a Scoutsuniform net kënne weisen. Mir hunn dofir, an Zesummenaarbecht mam LGS Shop, **Verbandsjacquetten** (Reenjackett + Fleecejackett) entworf a produzéiere gelooss.





Als Verband bidde mir **de Gruppe Webspace** fir hir eegen digital Presenz um Internet un, dëst Joer hu mir e grousse Projet (Migratioun op en neie Webserver) ofgeschloss, fir och an Zukunft technesch um neiste Stand ze bleiwen.

Zesumme mam Verbandssekretariat hu mir eis nei opgestallt, fir eis Aktivitéite besser a méi séier op de *soziale Medien* ze publizéieren.

Fir eis dauerhaft weiderzebilden an ëmmer um neiste Stand ze bleiwen hu mir am November 2022 um **Scouts Communications Forum** zu Wien deelgeholl. Hei hate mir d'Méiglechkeet, eis mat PR- a Kommunikatiouns aus méi wéi 20 europäesche Guiden- a Scoutsverbänn auszetauschen, an sou vill flott nei Iddie mat heem ze bréngen.



Och an Zukunft si mir weider op der Sich no motivéierten an engagéierte Persounen, déi eis gäre fräiwëlleg bei all dësen Aufgaben ënnerstëtzen.



Scouts Communication Forum zu Wien

# Biber Ekipp

## STIP

Den éischten Deel vum STIP huet vum 29. bis den 31. Oktober 2022 zu Réiser stattfonnt. Et hu 6 Kandidaten deelgeholl an et ware 6 Participanten um Methodendag, deen den 30. Oktober 2022 war. Nieft der Aféierung an d'Methoden, der Versammlung an dem Plange vu Biberaktivitéiten, stounge Sessioune ronderëm d'Verspriechen, Kache mat de Biber, de Verband an de Baden Powell um Programm. Owes hu mir eis beim Krimidinner besser kennegeléiert.



Den zweeten Deel vum STIP huet vum 6. bis de 7. Mee 2023 zu Diddeleng stattfonnt. Et hu 5 Kandidaten deelgeholl. Wärend dem Weekend stoungen ënner anerem d'Sessioune Weekend, Sortie, Budget, Naturpedagogik, Sécherheet a Safe from Harm um Programm.



## Nationale Weekend um Neihaischen

Vum 25. Bis de 26 Mäerz 2023 huet d'Biberekipp zesumme mat de Cheftainen a Chef e nationale Biberweekend organiséiert. Dëse Weekend huet de Biber erméiglecht, virum nationale Camp vu 4 Nuechten, op d'mannst emol vun Doheem fort ze sinn. Wärend dem Weekend hunn d'Biber dem verzauberte Kréckel Néckel missten hëllefen, seng Freed a seng Faarwen zeréck ze gewannen. Niewent engem grousse Spill, enger grousser Bëscholympiad hunn d'Biber hir perséinlech Ritterrüstung gebastelt. Um Weekend hunn 69 Biber a 19 Cheftainen a Chef deelgeholl.



## Biber- a Wëllefchersandacht

Den 13. Mee 2023 ware mir an der Biber- a Wëllefchersandacht dobäi.



## Bibertreff

Den 10. Mee 2023 ware mir um Bibertreff zu Réimech, wou sëlleg Biber a Cheftainen a Cheffen deelgeholl hunn. Wärend engem flotte Rallye mat verschiddene Challenge fir d'Biber, hunn si Grone gesammelt fir dem Wënzer ze hëllefen.

## Nanoq23

Ronn 170 Biber, 60 Cheftainen a Cheffen an 30 Leit am STAFF hu sech vum 18. Bis den 22. Juli 2023 um Sennengerbierg getraff, fir um éischten nationale Bibercamp am Zelt deelzehuelen.
Den éischten Owend sinn si dem Äisbier Nanoq begéint, deen duerch de Klimawandel zu Lëtzebuerg gelant war a séier erëm Heem wollt.
Zesumme mam Biber an den aneren Déieren aus dem Bësch, hunn d'Biber un ofwiesslungsräichen Aktivitéiten deelgeholl fir zesumme mam Äisbier de Bësch an déi aner Déiere besser kennenzeléieren an hien z'iwwerzeegen zu Lëtzebuerg ze bleiwen.
Zum Schluss ware si sech awer alleguer eens. All Déier huet säin Doheem op dëser Welt an all zesumme wëlle mir d'Natur schützen, fir dass den Äisbier säint behält.












# Wëllefchers-Ekipp

## Wëllefchers-STIP

Am November an am Abrëll hate mir eis 2 STIP-Weekender um Neihaischen mat ronn 25 Kandidaten. Am November hate mir haaptsächlech Tronc commun-Sessiounen agebaut an am Abrëll war et méi e „klassesche“ Wëllefchersstip. Ënner dem Thema „Fuesend“(November, well et war den 11.11;-) an „ToyStory“ am Abrëll konnten d’Kandidaten nei Iddien kréien, iwwer verschidden Theemaen nodenken an déi nei Method kenneléieren.



## Biber- a Wëllefchersandacht

Fir d’Biber- an d’Wëllefchersandacht konnte mir dëst Joer 70 Biber a Wëllefcher an der Stad empfänken. Op spilleresch a kreativ Aart a Weis hu mir eis do mam Theema „Gerechtegkeet“ ausernee gesat.



## Naturdag

Fir den Naturdag, den 17. Juni hu sech 300 Kanner an hir Cheffen op de Wee op Dikkrich an de Bësch gemaach. Si hunn a 6 verschiddenen Ecker (Iess-a Schmaacheck, Abenteuereck, rouegen Eck, Bulli- a Buddeleck, Spilleck a kreativen Eck) vill verschidden Aktivitéiten ugebuede kritt a konnten an all Eck sou laang bleiwen, wéi si wollten. Dëst Joer ware 6 Ruddelen um Naturdag, déi virdrun nach ni do waren, an dat huet eis extra vill gefreet!






### Wëllefchersrallye

Fir eist Joer ofzeschléissen hu sech den 2. Juli 500 Wëllefcher an hir Cheffen op de Wee op Esch gemaach: Den alen Akela vum Gaalgebierg hat eis op Esch geruff fir sou haart ze haulen wéi ee Wollef nëmmen haule kann. Bei der Ofschlossfeier hu mir erausfonnt, dass virun 100 Joer den 1. Wëllefchersruddel zu Esch gegrënnt gouf, d'Wëllefcher zu Lëtzebuerg hunn dofir also 100 Joer gefeiert! Déi Centser Wëllefcher hunn de Rallye gewonnen an dofir soe mir hinnen ee ganz grousse B-R-A-V-O!









# Avex Ekipp

### After Work fir d'Chef
An enger gemittlecher Ronn hunn sech eng Rei Chef den 17. November 2022 zu Sandweiler afonnt fir zesummen ee flotten Owend ze verbréngen.

### Ekippeweekend
De 7. a 8. Januar 2023 hate mir eisen Ekippenweekend um Neihaischen fir dee weidere Programm vum Joer ze plangen.

### Stip
Vum 1. bis de 5. Abräll 2023 hunn sech 26 Kandidaten um Neihaischen zesumme fonnt fir um Avex Stip deel ze huelen. D'Thema vun dësem Joer war Schlümpfe. Mat vill Spaass a Freed hunn si Neies geléiert a si voller Motivatioun fir dëst an hiren Truppen ëmzesetzen.





### Nuetsrallye
E Samschdeg, 6. Mee 2023 war den traditionellen Nuetsrallye fir d'Avex. Ronn 250 Avex aus dem ganze Land hunn de Wee op Kënzeg fonnt fir bei gudde Laun em déi éischt Platz ze spillen. Nieft engem flotte Wee ronderëm Kënzeg konnten d'Ekippen bei 4 Spiller an engem Quiz hiert Kënnen ënner Beweis ze stellen. Déi éischt Platz ass fir d'Trupp vu Rodange gefollegt vu Réiser a Miersch







## Terraviva

Vum 17.-27. Juli 2023 ass den nationalen Avexcamp Terraviva 2023 zu Ettelbreck mat 421 Avex mat hire Cheffen an enger ganz engagéierter Staff-Ekipp.
Den TERRAVIVA 2023 stoung ganz ënnert dem Theema vun de 4 Elementer: Feier, Äert, Waasser a Loft. Niewent de klasseschen Aktivitéiten wéi engem Nuetsspill, Visitten, en Hike, e Rallye, enger Olympiad, der Eröffnungs- a Schlussféier, waren och méi speziell Aktivitéiten, wéi zum Beispill de FortTerraviva mat engem Escape Spill.











# CaraPio Ekipp

## Chefdag

Um Chefdag zu Ettelbréck goufen eng Brancheversammlung an iwwert de ganzen Dag een Atelier zum Theema Camp Volant Kichen ugebueden.

## Methodendag

Ufank Februar hate mir Methodendag zu Sandweiler am Chalet. Hei krute vill nei CaraPio Cheffen déi nei Method presentéiert.

## Nuetsfunkraid

Déi zweet Editioun vun eisem Nuetsfunkraid zu Bilschdrëf wor ee groussen Erfolleg. D'CaraPio hu sech am Januar mat Kart, Täscheluucht a Funkapparat ronderëm dem Stauséi amuséiert.











## IronScout

Den IronScout vun der Regionalekipp Süden wor och neess gutt Besicht. Op 65 km duerch de Minett sinn 82 CaraPio vum 31. März op den 2. Abëll ronn 4500 km getrëppelt an hunn 12.000 Euro fir ‘Street Angels’ asbl  gesammelt.






## JoCaPi

D‘CaraPio Truppe goufen dëst Joer de 9. Mee op d‘JoCaPi zu Réiser invitéiert. Ënnert dem Theema Monopoli goufen déi eenzel Truppe gechallenged. D‘Trupp vun Diddeleng huet gewonnen an wäert eis d‘nächst Joer empfänken.







# RaRo Ekipp

## Lancement - 22.-23. Oktober 2022

Dëst Joer ënnert enger neier Form, hu mir de Lancement als Rallye opgebaut. Monter si mer duerch d'Staat gezunn an hunn nei Ecker kennegeléiert. Owes op Besuch am Chalet beim Nidderanvener Grupp, hu mer eis bei enger Feiershow d'Iessen gutt schmaache gelooss an hunn uschléissend den Owend ausklénge gelooss.





## Mister X, Fänk dir eng Ekipp - 17. Dezember 2022

D'RaRo-Ekipp huet sech an der Staat verstoppt an di verschidden Ekippen hunn eis misse sichen. Vill Spaass a flott Fotoe waren d'Resultat vun engem kalen Nomëtten. No der Aktivitéit hu mir eis am Park en gudde Glühwäi schmaache gelooss.








Lancement

### Thinking Day – 04. Mäerz 2023

Um Thinking Day war d'Raro-Ekipp och present an huet en Knuet-Atelier ugebuede fir grouss a kleng.

### Methodendaag – 01. Abrëll 2023

Mir ware mat di éischt di sech d'Tour Malakoff ugekuckt hunn an hunn eise Methodendaag trotz sabbelegem Wierder mat Succès hei ofgehalen. D'Participant'en hu ganz gutt matgemaach an hunn sech trotz Reen hier gutt Laun net verdierwe gelooss.






### Kéiscup zu Péiteng 17. Juni 2023

No laanger Paus war et endlech erëm sou wäit, de Kéiscup huet zu Péiteng grousse Succès gefeiert an no vill flotte Spiller huet sech Käerjeng als Gewënner erausgefiltert. Mir freeën eis drop wat eis d'nächst Joer erwaart.







Kéiscup 2023

# Gruppenekipp

### GC-Renconteren:Aktuell wichteg Theemaen

Op eiser éischter Renconter vun dësem Guiden- a Scoutsjoer den 13. November 2022 stoung Energie spueren am Chalet a Subsiden am Mëttelpunkt. Den Duelemer Grupp huet eis mat Kaffi an Croissant empfaangen an Cheftainen an Cheffe kruten Informatiounen, wat fir Méiglechkeeten hire Grupp huet, fir Suen a Ressourcen ze spueren.

Austausch erfueren an nei Gruppechef

Mëttlerweil ass eis zweet Renconter, welch op der Formatioun stattfënnt schonn eng Traditioun. Hei kënnen Kandidatinnen an Kandidate vun der Formatioun sech mat méi oder manner laang aktive Gruppechef:tainen austauschen an gemeinsam Léisungen zu verschidde Problematiken fannen.

### Formatioun fir Gruppechef:taine

17.03. bis 19.03.2023

Dëst Joer hunn 13 Cheftainen a Cheffen aus verschidde Gruppen aus dem Land un der Formatioun fir Gruppechef:taine ze ginn, deelgeholl. Motivéiert hunn si un deenen verschidde Workshoppen deelgeholl a méi iwwert hir nei Tâche erausfonnt. Mer hoffen, datt si hir Formatioun gläich ofschléissen, esou datt mir 13 nei motivéiert Gruppechef:tainë bei den LGS begréisse kënnen



### Administrativen Dag

Enn Januar huet den Administrativen Dag an der Géisserei stattfonnt. 15 Kanidaten hunn dës Formatioun am Kader vun der Gruppechefformatioun gemaach. Um Programm stoungen Assurancen, Administratives, Safe from Harm a villes méi. Dës Formatioun kann all interesséierte Chef:taine matmaachen.

### Renconter iwwert ASBL

Den 9. Juni haten all Cheftainen an Cheffen, awer och Caissieren an Sekretären aus de Gruppen Méiglechkeet , sech iwwert ASBL fir Gruppen ze informéieren. Den David an den Charel hunn hei versicht op all Fro eng Äntwert ze fannen an de Gruppen an si ze encouragéieren eng ASBL ze grënnen.  Hei goufen och d'Statuten, déi den Verband ausgeschafft huet, presentéiert.





GC-Formatioun

# Aarbechtsgruppen

## AG Safe from Harm

Am Scoutsjoer 2022/2023 war d'Ekipp Safe from Harm, wéi déi Jore virdrun op verschiddenen Niveauen aktiv: Verband, Branchen, Gruppen an och op individuellem Plang. D'Missioun vun all dësen Interventiounen ass d'Wuelbefanne vun all eise Memberen ze garantéieren. D'Ekipp besteet aus follgende Memberen: Alex Carneiro, Sascha Wolsfeld, Julie Van Mulders, Georges Faber, Cathy Kirsch a Liz Feinen.

D'Richtlinn (Policy) vu Safe from Harm, déi am leschte Joer vu WOSM validéiert a vum Comité ugeholl ginn ass, ass um leschte Kongress vun eise Membere gestëmmt ginn. Domat ass dës Richtlinn op allen Niveauen ugeholl a beschreift déi offiziell Positioun vun den LGS zum Wuelbefannen vun all senge Memberen.

D'Safe from Harm Ekipp, war dëst Joer och erëm mat engem Stand um **Chefdag** vertrueden.
Op Verbandsniveau hate mir eng Versammlung mam Administrative Kommissär fir der Safe from Harm Ekipp en offizielle Kader ze ginn. Hei ass festgehale ginn, datt d'Team e Coordinateur nenne kann. Dëst ass dunn och gemaach ginn. Weiderhi ginn am nächste Scoutsjoer d'Reglementer ugepasst.

D'Ekipp Safe from Harm war fir en Avis fir den nationale Biber Camp **„Nanoq"** gefrot ginn, an et ass och en Sécherheetsaudit mam Topstaff vum nationalen Avex Camp **„Terraviva"** gemaach ginn.

Den **Dossier „Richtlinn fir den Ëmgang mat legalen an illegalen Drogen"**, den zesumme mat der FNEL an der CNAPA (Centre Nationalde Prévention des Addictions) ausgeschafft ginn ass, ass an dësem Scoutsjoer fäerdeg gestallt ginn. Dësen Dossier soll eise Chef als Orientéierungshëllef déngen an si fir den Ëmgang mam Theema Alkohol, Tubak an illegalen Drogen, am Kader vu Scoutissem sensibiliséieren. Zum Dossier gehéieren och e konkreten Handlungsmodell, de wäisst, wéi e mat engem Verdacht op Verstouss géingt d'Droge fräi Zone bei den LGS, ëmgoe kann.
Zousätzlech zu dësem Dossier, sinn zesumme mat der FNEL an der CNAPA zwou **Formatiounen** ugebuede ginn, déi den Inhalter vum Dossier genau erkläert hunn a gewisen hunn, wéi een d'Theema am Grupp mat de Jonken uschwätzen kann.

No dem positive Feedback vun dësem Joer, ass geplangt dës Formatioun den 18. November 2023 nach eng kéier unzebidden.
Zousätzlech zu dem Dossier an de Formatiounen zum Theema „Ëmgang mat legalen an illegalen Drogen" gouf **eng Posch mat Preventiounsmaterial** zum Theema ausgeschafft. Et ass geplangt, de Chef des Poch, mat hirem Inhalt an hiren Asazméiglechkeeten um kommende Chefdag an der kommender Formatioun am November virzestellen. Nodeems en als Chef d'Formatioun mat der CNAPA ofgeschloss huet, kann een sech des Poch ausléinen, fir d'Thema mat senge Jonken op eng interaktiv Manéier ze beschwätzen.

Fir dat nächst Scoutsjoer proposéiert Safe from Harm och eng **Formatioun fir déi verschidde Branchenekippen** unzebidden. Bei däser Formatioun sollen all Beräicher ronderëm d'Theema Wuelbefanne behandelt ginn. Zil ass et, Multiplicateuren ze schaffen, déi als direkten Uspriechpartner fir hir jeeweileg Branchë fungéiere kënnen.

Viru kuerzem huet **WOSM en Evaluatiouns-Dokument** eraus ginn. Mat dësem Dokument sollen all Member-Verbänn vu WOSM evaluéieren a wéi wäit si d'Virschrëfte vu WOSM a Punkto Safe from Harm, bis elo erfëllen an ëmsetzen. Dës Evaluatioun ass am Prozess a wäert eis weisen a wéi enge Beräicher mir eis weiderhin verbessere kënnen a sollen.

D'Ekipp war dëst Joer awer och op den **nationale Formatiounen** aktiv: esou ware mir um Administrativen Dag, um STIP vun de CaraPio an de Biber, an hunn och d'Wëllef an d'Avex bei der Preparatioun vu Sessioune fir hir STIPen ënnerstëtzt.

Och dëst Joer gouf et erëm verschidde ganz **ënnerschiddlech Interventiounen** a verschiddene Kontexter: d'Ufroe gounge vu Mediatiounen, gruppeninternen Formatiounen, Analyse vu Situatiounen a Berodung, Orientéierung an Dispatching u professionell Servicer, Deelhuelen un Elteregespréicher, iwwer Signalementer an Interventioune wärend de Summercampen.
Wat een awer net dierf vergiessen, sinn déi ganz Telefonsuriff déi d'Ekipp Safe from Harm Ekipp kritt huet, wou et sech haaptsächlech ëm kleng Echangë gehandelt huet, wou betraffe Leit eng Confirmatioun wollte kréien, oder e Rot wéi se sech verhale sollten.

D'Ekipp huet sech och dëst Joer a reegelméissegen Ofstänn getraff. Dëst ware ronn 10 Reuniounen, 1 Schaffdag an eng ganz Rei Telefonsgespréicher.

D'Ekipp ass ënner follgenden E-mailadressen ze erreechen:
sfh@lgs.lu / safefromharm@lgs.lu

# AG Nohaltegkeet

D'Zil vum Aarbeschtsgrupp Nohaltegkeet ass et de Verband mat sengen Ekippen a senge Gruppe beim Theema Nohalegkeet ze ënnerstetzen a sech esou fir eng méi nohalteg Welt ze engagéieren.

Am Scoutsjoer 2022/23 stungen dofir fir déi 6 Membere vun der Aarbeschtsgrupp folgend grouss Dossieren op der Dagesduerdnung:

## 1. Checklëscht Nohaltegkeet

Um Chefdag 2022 gouf den Challenge „Ökologesch op enger gréisserer Aktivitéit" lancéiert. Eng Checklëscht mat eenzele, kuerze Punkten an de Beräicher Ravi, Infra, Material, Transport, Message, ... soll dem Chef (an de Jonken) dobäi hëllefen, säi Camp oder Weekend, oder eng aner gréisser Aktivitéit, (méi) nohalteg ze gestalten.
Hält eng Trupp oder Chefekipp sech bei der Organisatioun un d'Punkten aus der Lëscht, kréie si en Ofzeechen. Ausserdeem leeft e Concours, deen déi beschte Gruppe mat engem Kaddo belount.

## 2. Affiche „De gréngen Zweig"

Nodeems am leschte Scoutsjoer d'Richtlinne fir eng nohalteg Gestioun vun LGS-Home/Chalete opgestallt goufen, hunn dës elo hir Plaz op der Affiche „De gréngen Zweig" fonnt. Direkt op den éischte Bléck erklärt de grénge Zweig, op wat een an de Beräicher Energie, Material, Waasser an Aktivitéiten oppasse muss a ween Uspriechpartner bei Froen ass. Um Kongress a Chefdag 2023 kritt all Grupp en esou eng Affiche mat, fir an hire Home/Chalet ze hänken.

## 3. Éischten Nohaltegkeetsdag

Den 17. Dezember 2022 war den éischten Nohaltegkeetsdag vun de Lëtzebuerger Guiden a Scoute fir RaRo, Albatross a Chef. Um Programm stoungen 2 flott Visitten um biodynamesche Baurenhaff Kass-Haff, sou wéi bei der Superdréckskëscht an eng kleng Presentatioun vun der ONGD „Guiden a Scoute fir eng Welt".
Et war eng flott Geleeënheet fir vill Neies ze léieren, sech auszetauschen, kritesch ze hannerfroen an ze diskutéiren, awer och kulinaresch mat Haffproduite verwinnt ze ginn.
Déi zweet Versrioun vum Nohaltegkeetsdag ass den **25. November 2023**.




## 4. Second Hand fir Scoutsmaterial

Den 1. Juli 2023 war déi éischt Editioun vum Second Hand. Am Viraus hunn d'Guiden a Scouten an hir Elteren fläisseg Material laanschtbruecht, wat si net méi brauchen: Uniformen, Schlofsäck, Carrymattenm Gamellen, ... . Dëst Material gouf um Second Hand an der Géisserei verkaf an d'Leit kruten d'Sue vun dem verkaafte Material erëm.
Alles an engem eng flott Aktioun mat där souwuel eppes fir de Portemonnaie wéi och fir d'Nohaltegkeet gemaach gouf. Déi nächst Editioun ass den **9. Mee 2024**.

Souwuel un dëse Punkten, wéi och u ville weideren, wäert am nächste Scoutsjoer geschafft ginn. Intresséieren dech een oder méi Theemaen, mell dech gären ënner
*nohaltegkeet@lgs.lu*

Mir freeën eis iwwert deng Meenung an/oder deng Mathëllef!



# AG Diversitéit

Dëse jonken Aarbechtsgrupp gouf no eng Resolutioun um Kongress 2022 vum Verbandscomité an d'Liewe geruff, fir de Volet „Diversitéit, Equitéit an Inclusioun" méi bei den LGS ze thematiséieren.





Et huet sech eng Ekipp vu 4 Volontaire fonnt, déi zënter Mee 2023 zwou Versammlungen haten, fir déi éischt Gedanken auszetauschen an och déi éischt Ziler fir d'Zukunft vun dëser AG:

- Scoutissem fir méi Leit opmaachen -> Wuesstemspotential!
- Bessert Reflektéierten vun eis Membere mat der Bevëlkerung vun de Gemengen an deene mir liewen!
- Diversitéit & Inclusiounsprinzipien an d'Basis-Chefformatioun integréieren.
- fir eng méi glécklech, méi staark, méi participativ a méi suergfälteg Gesellschaft a Verband!

Fir d'nächst Joer steet eise Fokus op folgend Punkten:

- Eng Checklëscht maachen zum Theema. Wéi inklusiv/divers ass män Grupp/Branche/Ekipp/Comité? An dat eventuell mat engem Questionnaire abannen, wou mir kënnen d'gesamt Diversitéit vun den LGS analyséieren.
- Zu dem néien Tool och konkret Tipps a Recommandatioune ginn : wéi soll ech mech behalen, op wat soll ech oppassen, wat kann ech verbesseren?
- De Sproocheproblem bei den LGS méi eescht huelen an no Léisunge sichen, wéi d'LGS méi oppen an accessibel kënne si fir all eis Memberen, bei deenen d'Lëtzebuergesch net hir 1. Sprooch ass, z.B. : Iwwersetzungen, Templates, Kommunikatioun adaptéieren, official languages vs working languages, etc.
- Mat spezialiséiert extern Partnere schaffen z.B. : Dossier de l'animateur vum SNJ, Organisatioune froe fir Formatioune vu Cheffen
- Uspriechpersoun si fir Gruppe wann Sie mat engem bestëmmten Theema konfrontéiert ginn.

Am Juni ware mir och am Verbandscomité invitéiert, wou mir eis generell Ziler präsentéiert presentéiert hunn an och e puer konkret Aktioune proposéiert hunn, ewéi:

- All eis Formulairen op eng méi inklusiver Sprooch ze schreiwen (Gender, Pronouns, Sexistesch Stereotyppen evitéieren).
- Déi Formulairen och systematesch op méi wei eng Sprooch schreiwen, z.bsp: Franséisch, Englesch.

Op de Sozialen Medie vun den LGS, iwwert de Pride Month kommunizéiert an esou och eis Positioun vu Solidaritéit mat der LGBTIQ+ Community. Et gouf och den Opruff lancéiert fir um Equality March mat sengem Foulard dobäi ze si fir säi Support ze weisen.

Den AG Diversitéit ass um Kongress a Chefdag present, wou mir och en Workshoppen ubidden.
Du interesséiers dech fir d'Theema Diversitéit an Inclusioun a wëlls d'Lëtzebuerger Guiden a Scouten an deem Beräich weider bréngen an d'Welt zu enger besserer Plaz maachen, da mell dech bei dem Aarbechtsgrupp Diversitéit ënner
*diversiteit@lgs.lu*

Mir freeën eis iwwert deng Meenung an/oder deng Mathëllef

# AG Statuten

An de leschte Joeren ass et fir déi lokal Gruppen ëmmer méi schwéier gi fir op de Banken e Kont opzemaachen oder d'Zougrëfsrechter op bestoend Konten ze änneren (z.B. op en neie Keessier ze iwwerdroen). De Grond heifir sinn engersäits méi streng Reegelen, un déi d'Banken sech am Kader vun den Anti-Blanchiment Gesetzer mussen halen; anerersäits ass et déi speziell juristesch Form vun den LGS-Gruppen, als Deel vum Verband, dee selwer eng „Association de fait" ass, déi sech als ëmmer méi schwiereg erweist.

Fir dës Problemer ze léisen, proposéiert den AG Statuten de lokale Gruppen, jeeweils eng eegen Asbl ze grënnen a sech domadder och de Statut vun enger „personne morale" ze ginn. Heifir gouf e Modell vu Statuten ausgeschafft, dee wëll einfach sinn, de Gruppen hier aktuell Funktiounsweis sou wéineg wéi méiglech beanträchtegt a konform souwuel zum Asbl-Gesetz wéi och zu den LGS-Statuten ass. Den AG Statuten gouf heibäi benevol vun enger Affekoten-Etude ënnerstëtzt.

Well d'Grënne vun enger Asbl mat engem gewësse weideren administrativen Opwand verbonnen ass, huet den AG Statuten eng Rëtsch Dokumenter ausgeschafft, déi d'Demarchen am Detail erklären an de Gruppen d'Aarbecht solle vereinfachen. D'Virlag fir Statuten an dës zousätzlech Dokumenter goufen op der Gruppechef-Rencontre m Juni virgestallt a stinn an der *Chefbox* zur Verfügung.

Et handelt sech ëm eng Propose fir Statuten, woubäi et all Grupp fräi gestallt bleift, dës eventuell no den eegene Besoinen unzepassen. Heibäi muss awer beduecht ginn dass och de Verband méiglecherweis an Zukunft kéint op de Wee goe fir d'Form vun enger Asbl unzehuelen an dann d'Statute vun de Gruppe musse konform zu deene vum Verband sinn.

Am Juli ass eng nei Versioun vum Asbl-Gesetz a Kraaft getrueden. Fir ze klären, ob dëst en Impakt op déi proposéiert Statuten huet, gouf en neien Avis juridique gefrot. Dësen Dossier bleift also „à suivre"...

***David Heck***
***Administratiounscommissaire***

# Finanzrapport

## De Bilan 2022

D'Joer 2022 kann als Sortie vun der Krise gesi gesinn. Och wann am Ufank nach e puer Effekter vu Covid ze spiere waren, sou huet sech dat awer normaliséiert am Laf vum Joer.
Finanziell huet dat och fir d'LGS bedeit, datt mer rëm op ee quasi normale Rhythmus vun eisen Aktivitéite komm sinn. Virun allem konnt jo och rëm e federale Camp stattfannen: de ZAM fir d'CaraPio an Éisträich. Dat ass dann och kloer deen déckste Poste vum Joer, wat d'exzeptionell Projeten ugeet.
Den ZAM konnt net nëmmen, mee och finanziell exzellent mat engem positive Resultat ofgeschloss ginn. En Deel gouf rembourséiert, een aneren ass de Fong fir international Camp gaangen; sou wéi dat virgesinn ass.



Bei der Formatioun konnt dëst Joer den Defizit trotz der Reprise vun allen Zykle raisonnabel op 5.000 € gehale ginn. Dëst als Kombinatioun vu méi adaptéierte Budgete mat engem Fokus op d'Formatiounskäschten an engem Rapprochement vun de Participatiounskäschten u Dëst gëtt eis d'Méiglechkeet fir an de nächste Jore méi an d'Formatioun z'investéieren.



Am Beräich "PR" sinn et graff 15.000 € déi exklusiv fir eis gedréckt Publikatioune wéi z.B. de Platte Knuet ufalen. Déi aner Käschte ware fir d'Produktioun vu Gadgets wéi z.B. Kaartespiller, Beachflags, Panneauen, Bicker etc. Getrennt vun der PR kucke mer dann op d'IT, wou mer déi gewinnt Fixkäschte fir Server, Site an divers Servicer hunn.

Fir de Fonctionnement vum Verband ass ervirzehiewen, datt do ënner anerem ewéi all Joer 6.000 € un d'Fondatioun gi fir d'Benotze vun der Géisserei. E groussen Deel vun de Käschten, déi een hei fënnt sinn Amortissementer, also Ofschreiwunge vu Material, wat dem Verband gehéiert. D'Dauer vun dësen Ofschreiwungen ass un d'Liewensdauer vum Material adaptéiert. Se hunn sech 2022 fir de Verband op 22.000 € belaf.

A punkto  hunn eis Membere 70.000 €  bezuelt. Op der anerer Säit gëtt de Verband 6.000 € aus fir Memberschafte bei Daachorganisatioune wéi z.B. WOSM a WAGGSS. De Sponsoring huet eis dat lescht Joer 29.500 € erabruecht.
Ausserhalb vun de Verbandsaktivitéite lafe jo och eng Rei Projeten iwwer eis Bank-Konten. Hei gëtt all Joer eng Clôture gemaach, déi dann op dat Joer duerno iwwerdroe gëtt. Dëst erkläert déi identesch Montanten um Debit a Kredit.

E wichtegen Engagement vun eisem Verband ass de finanzielle Support vum nigeresche Scoutsverband. All Joer iwwerweise mir 18.000 € fir dëse Projet. Dës Zomm kënnt ënnert anerem zesummen duerch d'Friddensliicht, den Euro fir de Niger an d'Nigerbenefiziessen. Am Fall wou déi 18.000 € net zesummekommen, gëtt dëse Manko vun der dediéierter Reserve vum Verband kompenséiert. No 2020 an 2021 ass datt och 2022 net ganz duergaangen.



# De Budget 2024

No e puer méi komplizéierte Jore war et 2023 also nees "business as usual" fir de Verband. Mir ginn dovun aus, dass dat fir 2024 net anescht wäert sinn, och wa sech a puncto Aktivitéiten een éischter rouegt Joer annoncéiert. Un eiser Approche ännert dat näischt. Mir probéiren och weiderhi Käschten ze antizipéiren an eng gewëss Marge virzegesinn, déi et ons erlaabt reaktiv ze bleiwen, wann dëst vun ons gefuerdert gëtt.
Beim Opbau vum Budget hu mir festgestallt, dass ons nei Visualiséirung vum Budget, déi mir virun e puer Joer agefouert hunn, gutt ukënnt, doduerch dass jiddereen sech gutt doranner rëmfënnt. Hei hu mir mat der "Nohaltegkeet" an der "Diversitéit" wichteg nei Poste geschaf, déi dem Verband hëllefe sollen, sech besser fir d'Zukunft opzestellen.
Wéi ëmmer baséiere mir ons op eis Erfarungswäerter, mee passe natierlech d'Montante un d'Besoine vun deenen eenzele Posten un.

## Jugendlecher

Am Beräich Jugendlecher, wou mir d'Branchë regroupéieren, geet et 2024 relativ roueg zou. Pour rappel ass de Prinzip, dass sech d'Branchë sollen droen (recettes = dépenses). Dobäi komme jeeweils 250 €, déi d'Branchen zur Verfügung gestallt kréie, fir eventuell branchespezifesch Käschten, déi ufale kéinten ze decken.
A sämtleche Branchë stin déi typesch Aktivitéiten un. Just d'Wëllefcher kréien zousätzlech ee Budget vu 5.000 € zur Verfügung gestallt. Dëst, fir Käschten kënnen ofzedecken déi am Kader vum Plange vum nationale Wëllefcherscamp 2025 scho kéinten ufalen. De Montant bei de CaraPio wierkt héich, mee et handelt sech ëm déi klassesch Aktivitéiten (Nuetsfunkraid, IronScout, Jocapi, etc.)

## Erwuessener

Et ass gewosst, dass d'Formatioun a finanzieller Hisiicht eng "negativ"-Operatioun ass, an dat ass och gutt esou. D'Formatioun vun onse Chef ass ee vun de Piliere vun eisem Verband an dofir ass et ons wichteg dës ze fërderen, ouni ons jonk Chef finanziell ze belaaschten. Fir 2024 gesi mir hei eng Perte vu 15.000 € vir. Am grousse Ganze steet also hei "Business as usual" um Programm.

## Projets

Am Kader vum Native Village erwaarde mir eis fir 2024 rëm vill begeeschtert Visiteure fir de Bealtaine um Neihaischen. Donieft behale mir natierlech ons Kontributioun un d'Scouts du Niger bäi. Géif eppes feelen, fir op déi 18.000 € ze kommen, steiert de Verband d'Differenz bäi. Dofir hoffe mir nees drop, dass fläisseg gesammelt gëtt. An deem Sënn rechne mir och domadder, dass d'Friddensliicht ganz normal wäert statt fannen.

## Support

An dësem Beräich deele mer de "Fonctionnement" vum Verband op.
An der IT hale mer de Budget vum leschte Joer bäi, grad sou wéi am Beräich "International", wou fir 2024 nees vill Konferenzen a Rencontrë geplangt sinn. D'Relations publiques funktionéiren zënter enger Rëtsch Jore lo scho gutt mat engem Budget vu 19.000 €, dofir behale mir dëst elo mol bäi.
Bei den Affiliations, also d'Kotisatiounen déi ons Membere bezuelen, gouf et jo dat lescht Joer eng Ännerung, sou dass mir dës ëm 2 € op 17 € (14€ reduzéierte Montant) gesat hunn. Dëst notamment virum Hannergrond vun der Inflatioun. Mir haten domadder gerechent, dass mir doduerch ëm déi 9.000€ méi ginge erakréien, also 75.000 €. Dëst ass awer réischt am Bilan 2023 ze gesinn, dee mir iech dat nächst Joer presentéiere wäerten. Mir bleiwe fir de Budget 2024 op der sécherer Säit a behale 71.000 € zeréck. Op der Käschtesäit vun den Affiliations fanne mer dann nach d'Cotisatiounen, déi mir als Verband fir divers Memberschafte bezuelen, wéi z.B. WOSM, WAGGGS, etc.
Wéi uewen annoncéiert huet de Comité och decidéiert d'Aarbechtsgruppen Nohaltegkeet an Diversitéit een dédiéierte Posten am Budget ze ginn. An d'Käschte falen hei Aktivitéite wéi de Nohaltegkeetsdag, den European Sustainability Forum, awer och den Overture Diversity Network.

Beim Sponsoring ass et sou, dass ee Risiko besteet dass d'Lalux eventuell soll onse Sponsoring kierzen. Méi Detailer kommen do nach no, mee aus Virsiicht hu mir de Budget Sponsoring fir 2024 mol ëm 5.000 € gekierzt.

De Fonds de Croissance, hu mir fir 2024 liicht gekierzt, hunn dofir awer d'Marge pour imprévus eropgesat. Dëst well mir ons bei dëse Posten generell méi Flexibilitéit wëlle ginn an doduerch méi séier op Besoine reagéiere wëllen.
Bleift nach de Thinking Day, dee jo de Neijoschpatt ersat huet an dee mir ënnert senger aktueller Form weider féiere wëllen. Mir gesinn hei Käschten an Héicht vun 3.500 € vir a Recette vun 2.500 €.
Alles an Allem gesäit de Budget fir d'Joer 2024 also ee positiivt Resultat vun 11.300 € vir.

*Mir wënschen iech all ee schéint Scoutsjoer.*
*Fir de Verband,*
*Är Finanzkommissären*
*Charel & Max*



# BILAN au 31.12.2021 et au 31.12.2022

| ACTIF | 1.12.2021 | 31.12.2022 |
| --- | --- | --- |
| • **Actif immobilisé** (2) | **27.499,11** | **20.882,55** |
| • **Immobilisations corporelles** | | |
| - Installations techniques et machines | 697,71 | 472,03 |
| - Autres installations, outillage et mobilier | 26.801,40 | 20.410,52 |
| • **Actif circulant** (4+5) | **494.947,17** | **700.564,38** |
| • **Créances** (401) | | |
| - Créances résultant de ventes et prestations de services dont la durée résiduelle est inférieure ou égale à un an | **2.248,01** | **1.050,00** |
| • **Avoirs en banques, en chèques et en caisse** (51) | **492.699,16** | **699.514,38** |
| - Comptes courants de la Fédération (Général, Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, IC, Formation, Friddensliicht) | 263.869,60 | 450.139,23 |
| - Compte Epargne | 112.760,50 | 112.935,29 |
| - Compte courant Equipe Native Village | 43.519,80 | 51.420,11 |
| - Compte courant World Scout Jamboree | 1.446,46 | 5.691,10 |
| - Compte courant Camp fédéral (Zam'22) | 679,89 | 19.596,73 |
| - Comptes courants Projets Odyssées (Compte commun, Bolivie, Géorgie, Senégal) | 70.422,91 | 59.731,92 |
| • **Comptes de régularisation** (481) | **5.954,92** | **408.923,33** |
| **TOTAL ACTIF** | **528.401,20** | **1.130.370,26** |

| PASSIF | 31.12.2021 | 31.12.2022 |
| --- | --- | --- |
| • **Capitaux propres** (1) | **488.307,70** | **502.632,67** |
| • **Capital souscrit** (108) | **122774,13** | **122774,13** |
| • **Réserves et fonds dédiés** (137) | **228.105,78** | **227.447,11** |
| - Fédération - Activités nationales | 63436,9 | 63436,9 |
| - Fédération - Camps fédéraux (fonds provisoires 2021: -566.04€ Zam'22; -919.31€ AvexCamp'23) | 21923,23 | 23408,58 |
| - Fédération - LGS Warehouse | 11549,46 | 11549,46 |
| - Projet Coopération Scouts du Niger | 12137,01 | 7900,52 |
| - Friddensliicht | 4930,87 | 0,00 |
| - Projet Native Village | 52451,33 | 63584,16 |
| - Projets Odyssées (Odyssées Communs, Bolivie, Géorgie, Senégal) | 60266,02 | 56156,53 |
| - Jamboree 2019 | 1410,96 | 1410,96 |
| • **Résultats reportés** (141) | **115753,35** | **135552,79** |
| • **Résultat de l'exercice** (142) | **19799,44** | **16858,64** |
| • **Subventions d'investissement en capital** (16) | **1875,00** | **0,00** |
| • **Dettes non subordonnées** (44) | **27,736,09** | **18.686,58** |
| - Dettes sur achats et prestations de services dont la durée résiduelle est inférieure ou égale à un an | 27.736,09 | 18.686,58 |
| • **Comptes de régularisation** (482) | **12357,41** | **609051,01** |
| **TOTAL PASSIF** | **528401,20** | **1.130.370,26** |

# Comptes de profits et pertes au 31.12.2021 et au 31.12.2022

| CHARGES | 31.12.2021 | 31.12.2022 |
|---|---|---|
| • **Consommation de marchandises et de matières premières et consommables** (60)<br>- **alimentation, produits hygiène et entretien, matériel (consommable, durable, formation, revente), carburants...** | **116.591,56** | **160.707,34** |
| - Fédération (Frais généraux, Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, Formation, GC, IC, PR, Prêts, EAS) | 45017,46 | 36.345,03 |
| - Native Village | 27.829,58 | 83.177,37 |
| - Camps Fédéraux (Zam'22 / Terraviva'23) | 127,49 | 0,00 |
| - Friddensliicht | 4.190,82 | 4.710,09 |
| - Projets Odyssées (Odyssées Communs, Bolivie, Géorgie, Senégal) | 39.426,21 | 36.474,85 |
| • **Charges externes (61)**<br>- **entretien, transport/voyage, loations, marketing, honoraires/gages, dons, assurances, frais site lgs.lu, frais bancaires...** | **237.239,00** | **292.361,03** |
| - Fédération (Frais généraux, Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, Formation, GC, IC, PR, Prêts, EAS) | 73.641,12 | 102.870,82 |
| - Native Village | 31.919,01 | 89.959,76 |
| - Camps Fédéraux (Zam'22 & AvexCamp Terraviva'23) | 1.357,86 | 0,00 |
| - Friddensliicht | 6.117,57 | 4.603,83 |
| - Projets Odyssées (Odyssées Communs, Bolivie, Géorgie, Senégal) | 124.203,44 | 94.926,62 |
| - Jamboree Corée du Sud 2023 | 0,00 | 0,00 |
| • **Corrections de valeur sur frais d'établissement (63)**<br>- **amortissements matériel, véhicules...** | **19.492,00** | **14.775,62** |
| - Fédération Frais Généraux (matériel fédéral) | 6.507,01 | 2.974,63 |
| - Public Relation (bics, sets cartes) | 2.817,99 | 2.817,99 |
| - Native Village (matériel fédéral site Native Village à Neuhaeusgen) | 9.679,50 | 8.495,50 |
| - CaraPio (badges IronScout) | 487,50 | 487,50 |
| • **Charges d'exploitation (64)**<br>- **licences informatiques, txes véhicules, subventions, mise en fonds dédiés/réserves...** | **54.658,63** | **80.976,00** |
| - Fédération (Frais généraux, Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, Formation, GC, IC, PR, Prêts, EAS) | 2.564,53 | 2.605,76 |
| - Native Village | 84,00 | 11.628,33 |
| - Camps Fédéraux (Zam'22 & AvexCamp Terraviva'23) | 0,00 | 0,00 |
| - Coopération Scouts du Niger | 18.000,00 | 18.000,00 |
| - Projets Odyssées (Odyssées Communs, Bolivie, Géorgie, Senégal) | 34.010,10 | 48.741,91 |
| • **Charges exceptionnelles (66)**<br>- **accessoires informatiques, fonds de caisses, redressements, remboursements...** | **73.472,00** | **61.168,56** |
| - Fédération (Frais généraux, Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, Formation, GC, IC, PR, Prêts, EAS) | 4.147,00 | 1.195,00 |
| - Native Village | 1.550,00 | 910,00 |
| - Camps Fédéraux (Zam'22 & AvexCamp Terraviva'23) | 0,00 | 7.018,56 |
| - Friddensliicht | 250,00 | 0,00 |
| - Projets Odyssées (Odyssées Communs, Bolivie, Géorgie, Senégal) | 67.525,00 | 52.045,00 |
| • **Profit de l'exercice** | **19.799,44** | **16.858,64** |
| **TOTAL CHARGES** | **521.252,63** | **626.847,19** |

# Comptes de profits et pertes au 31.12.2021 et au 31.12.2022

| PRODUITS | 31.12.2021 | 31.12.2022 |
|---|---|---|
| • **Montant net du chiffre d'affaires** (70)<br>- **accessoires informatiques, fonds de caisses, redressements, remboursements...** | **340.588,54** | **474.119,35** |
| - Fédération (Frais généraux, Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, Formation, GC, IC, PR, Prêts, EAS) | 108.567,36 | 135.970,58 |
| - Native Village | 31.826,87 | 153.920,96 |
| - Camps Fédéraux (Slovit'20) | 0,00 | 0,00 |
| - Coopération Scouts du Niger | 9.829,57 | 13.763,51 |
| - Friddensliicht | 10.558,39 | 9.313,92 |
| - Projets Odyssées (Odyssées Communs, Bolivie, Géorgie, Senégal) | 179.806,35 | 161.150,38 |
| - Jamboree Corée du Sud 2023 | 0,00 | 0,00 |
| • **Produits d'exploitation** (74)<br>- **subventions, sponsoring, reprises sur fonds dédiés/réserves...** | **170.810,65** | **141.084,49** |
| - Fédération (Frais généraux, Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, Formation, GC, IC, PR, Prêts, EAS) | 44.411,25 | 29.500,00 |
| - Native Village | 39.235,22 | 40.250,00 |
| - Camps Fédéraux (Slovit'20) | 1.485,35 | 0,00 |
| - Coopération Scouts du Niger | 8.170,43 | 4.236,49 |
| - Projets Odyssées (Odyssées Communs, Bolivie, Géorgie, Senégal) | 77.508,40 | 67.098,00 |
| - Jamboree Corée du Sud 2023 | 0,00 | 0,00 |
| • **Produits financiers** (75)<br>- **intérêts sur comte courants, épargne, produits finaciers divers...** | **0,00** | **184,79** |
| - Fédération (Frais généraux, Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, Formation, GC, IC, PR, Prêts, EAS) | 0,00 | 184,79 |
| • **Produits exceptionnels** (76)<br>- **remboursements reçus, notes de crédits, remises...** | **9.853,44** | **11.458,56** |
| - Fédération (Frais généraux, Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, Formation, GC, IC, PR, Prêts, EAS) | 2.003,44 | 500,00 |
| - Camps Fédéraux (Zam'22 & AvexCamp Terraviva'23) | 0,00 | 7.018,56 |
| - Projets Odyssées (Odyssées Communs, Bolivie, Géorgie, Senégal) | 7.850,00 | 3.940,00 |
| **TOTAL PRODUITS** | **521.252,63** | **626.847,19** |

B1

# Budget 2024

| Beräich | Posten | Ordinär (O) / Extraordinär (E) | 2024 Chargen | 2024 Produiten |
|---|---|---|---|---|
| **Jugendlecher** | **Biber** | Ordinär (O) | 3.250,00 | 3.000,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | **Wëllefcher** | Ordinär (O) | 6.550,00 | 6.300,00 |
| | | Extraordinär (E) | 5.000,00 | 5.000,00 |
| | **AvEx** | Ordinär (O) | 3.250,00 | 3.000,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | **CaraPio** | Ordinär (O) | 12.250,00 | 12.000,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | **RaRo** | Ordinär (O) | 1.250,00 | 1.000,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | | **-1.250,00** | **31.550,00** | **30.300,00** |
| **Erwuessener** | **Formatioun** | Ordinär (O) | 45.000,00 | 30.000,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | **Gruppechef** | Ordinär (O) | 1.250,00 | 1.000,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | **EAS** | Ordinär (O) | 1.250,00 | 1.000,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | | **-15.500,00** | **47.500,00** | **32.000,00** |
| **Projets** | **Native Village** | Ordinär (O) | 90.000,00 | 90.000,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | **Thinking Day** | Ordinär (O) | 3.500,00 | 2.500,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | **Projet Coopération Scouts du Niger** | Ordinär (O) | 18.000,00 | 18.000,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | **Friddensliicht 2023** | Ordinär (O) | 16.000,00 | 16.000,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | | **-1.000,00** | **127.500,00** | **126.500,00** |

B2

# Budget 2024

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Support | Fonctionnement | Ordinär (O) | 9.500,00 | 2.500,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | IT | Ordinär (O) | 8.000,00 | 500,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | International | Ordinär (O) | 10.000,00 | 2.000,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | Public Relations | Ordinär (O) | 19.000,00 | 0,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | Affiliations | Ordinär (O) | 8.000,00 | 71.000,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | Nohaltegkeet | Ordinär (O) | 2.900,00 | 3.050,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | Diversitéit | Ordinär (O) | 1.100,00 | 0,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | Assurances | Ordinär (O) | 5.000,00 | 5.000,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | Sponsoring | Ordinär (O) | 0,00 | 24.500,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | Matériel (Amortisé) | Ordinär (O) | 21.000,00 | 0,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | Chefdag & Kongress | Ordinär (O) | 4.000,00 | 1.000,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | Fonds de croissance | Ordinär (O) | 0,00 | 0,00 |
| | | Extraordinär (E) | 2.500,00 | 0,00 |
| | Marge pour imprévus | Ordinär (O) | 5.000,00 | 0,00 |
| | | Extraordinär (E) | 0,00 | 0,00 |
| | | 13.550,00 | 96.000,00 | 109.550,00 |
| **Total** | | **11.300,00** | **255.050,00** | **266.350,00** |